**Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (30.08.2019)**

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
30 AOUT 2019
1138

Lëtzebuerg, den 29/08/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

Am Artikel 27 vum Gesetz vum 13. Januar 2019 iwwert de Register vun den effektive Beneficiaire steet Folgendes:

> Les entités immatriculées disposent d'un délai de six mois après l'entrée en vigueur de la présente loi pour se conformer aux dispositions de la loi.

Dësen Datum wier den 1. September 2019.

Haut huet de Luxembourg Business Register, dee fir de RBE zoustänneg ass, kommunizéiert, datt si unilateral decidéiert hunn, e weideren Delai vun 3 Méint ze accordéieren, wärend deem d'Androe vun den Informatiounen an de Register gratis wier.

Dëst widdersprécht dem Artikel 13 vum RGD vum 15. Februar 2019, an deem steet:

> Les entités soumises à la loi précitée du 13 janvier 2019 effectifs sont exemptées du paiement des frais administratifs, fixés à l'annexe A, pendant un délai de six mois après l'entrée en vigueur du présent règlement.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gouf de Ministère consultéiert, éiert dës Moossnam vum LBR decidéiert gouf?

2. Huet d'Regierung en neie Règlement grand-ducal op de Wee bruecht, fir dës Moossnam ze erlaben?
   Falls nee: Plangt d'Regierung dëst ze maachen? Bis wéini ass mat engem neie Règlement grand-ducal ze rechnen?

3. Op wéi vill Euro schätzt d'Regierung de "manque à gagner" duerch dës Moossnam?

4. En vue vun den Artikelen 20 an 21 vum Gesetz iwwert de Register vun den effektive Beneficiaire, déi d'penal Konsequenze fir d'Net- a Falschausfëlle virgesinn, ass d'Regierung der Meenung, datt d'Kommunikatioun vum LBR zumindest onkloer ass? Ass d'Regierung der Meenung, datt de Gestionnaire hei hätt sollten drop hiweisen, datt duerch hir administrativ Moossnam, d'Gesetz net ausser Kraaft gesat gëtt?

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

5. Plangt d'Regierung e Gesetzesprojet, fir *ex post* d'penal Konsequenzen fir dräi weider Méint auszesetzen? Falls jo: Fir wéini ass domadder ze rechnen?
   Falls nee: Plangt d'Regierung d'penal Konsequenzen ze applizéieren, obwuel de Gestionnaire hei unilateral eng nei Karenz annoncéiert huet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 30 août 2019

Objet : Question parlementaire n° 1138 du 29.08.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Registre des bénéficiaires effectifs

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Selon les dispositions de l'article 84 de notre règlement, l'urgence n'a pas été reconnue, de sorte que ladite question est à considérer comme question écrite, conformément aux dispositions de l'article 82.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés